# De Belsebo'uf.

*(Lou,* e Bo'f, kent eran, de Kapp, d'Hänn an de Kne' verbonnen.)

Erfe'ert net, dir Leit; meng Mamm sét wuol, ech wär de Belsebo'f, dat ass awer net de Belzebub aus der Häll! Ech hun nämlech desen Amènt 27 Belsen u mer, âler an neier, klènger a gro'sser, bölleger an deirer an durfir sin ech de Bo'f mat de Belsen.

Hat der schons eng Bels? Wann ên se bis huot, dann ass et neischt; mè dat Kre'en!

Ech muss e gelungenen Dapp gewiescht sin, we' ech nach klèng war: Du war ech menger Mamm jo aus der We' getrollt. Sie hat mech wuol ugebonnen, mè dat huot mech gene'ert a bauf lo'g ech do! Dovun hun ech de' Bels hei iwert dat recht A!

We' ech lafe konnt, wänzelen ech so' eng Ke'er vun uowe bis ennen d'Kellertrap an! Dat gung: bonzenne, bonzuowen. Du hat de' e'scht hire Komerod krit: just derbei!

Ech war knapps so' he'ch we' e Sieschter Äschen, du klammen ech d'Léder op, fir no den Hingeräschter ze kucken. D'Léder trellt op mech an ech hat e Lach am Kapp. Kuckt, et war nawèll en ordentlecht.

We' ech an d'Scho'l gung, bege'nen ech dem Döppege'sser hannert der Hèck. Ech wollt de Balleg ze'en an Nopesch Mètt och. Du krute mer Streit, an de Mètt facht mech mat engem Schaumläffel iwert d'Stir. Ech hat alt erem eng.

Kaum war de' gehélt, du ko'm ech eisem jonge Prutsch ze no! De' schle't hannenaus, an natirlech mech op d'Aen. Den Dokter huot mer d'Affär zo'gebutt, mè ausgewuos ass se net.

Ech hat alt eng Ke'er e spatze Nol an der Nuos stiechen. Wann èppes sech mâche wöllt. Mir wollten Zirkus spillen, ech war de Néger a wollt mech reschten. Ech stieche mer en Nol an d'Nuos, retschen aus, an de Nol ass durech an durech gâng.

Ech war eng Ke'er an eng dèrech Hèck getrollt an hat de lenke Bâk opgerass.

Vum rechten O'her hun ech en Zippelchen ewèg. Nopesch hir Gêss huot mer dé geklaut.

Meng iewescht Löpps war gespléckt: ech war op d'Kachmaschin getrollt, we' meng Mamm Panech gebâck huot.

U mengen Hänn hat ech alt sechs Belse matenên. Mir hun eng Ke'er Klöppelkrich gespillt, an du war ech schlecht ewèg kom.

Mat dém klènge Fanger war ech an d'Zossismaschin gerannt an ech wêss nach haut net wo' de Nol dervu stieche blo'f.

Ech wollt eng Ke'er un den Zocker goen. Eist Liss, de' Hex, schle't d'Dir vum Schâf zo' an ech hat d'Quetsch! Ech hu gehault, meng Mamm sot nemen: «Blos drop!' — Blos drop! Wat eng Ried! — So' go'f ên aner getre'scht! —

U menge Kne'en ass emmer schons zeng mol nei Haut gewuoss. Klautges Mill dén huot Zänn we' e Fe'de'er. Dé beisst mech eng Ke'er dran fir en domme Jick! Et go'f mech en deire Jick! —

Eng Ke'er rutschen ech Jillen hir Kellertrap an. Ech bonzelen an d'ganz Fassad vum Kne' war erof. Desen Amènt hun ech mech erem do geschant. Ech sin iwer Nopesch hiren Zonk geklotert a ko'm net grad giedlech nider.

Wann der iech nach weider fir meng Belsen interesse'ert, da kommt eng Ke'er a mein Atelier, mè schwätzt menger Mamm net dervun, de' huot schons Angscht genug mat dém Handwîrk ausgestan.

